# Wéi kommen d'Grompereschuelen an d'Televisioun?

**Video killed the radio star** *hun The Buggles 1980 gesongen. A wéi d'Televisioun ugefaangen huet sech duerchzesetzen, huet et geheescht: Dat as d'Enn vum Kino. Béid ware falsch Prophezeiungen. Haut gët et méi Radioë wéi jee virdrun, de Kino feiert séng Renaissance als Erliefnispark, an esouguer déi gudd al Zeitung wäert den Zäitalter vum Internet ganz gewëss iwwerliewen. Dat as keng Fro vun Optimismus, dat as en uraalt Gesetz.*

Romain Kohn

1913, et as also schon e puer Joer hier, dunn huet de Wolfgang Riepl eng Etude publizéiert iwwert, sou den Titel, *Das Nachrichtenwesen des Altertums mit besonderer Rücksicht auf die Römer*. Dat Buch wäer wahrscheinlech an de Vergiess geroden, hätt de Riepl nët quasi niewebäi an der Introduktioun eng Remarque falegelooss, déi hier eege Karrière gemaach huet — ononofhängeg vum Sujet vun der wësseschaftlecher Aarbecht. Et as nët onbedéngt evident, d'Gesetz vum Riepl ze resuméieren, well de Mann hat am Fong ni wëlles, eng richteg Theorie ze formuléieren. Him as bei sénge Recherchen opgefall, datt nach ni e Medium, dat sech bei de Leit etabléiert hat, komplett verschwonne wäer, well ee méi neit Medium opgedaucht as. Allerdéngs huet dat méi aalt Medium sech heiansdo missen aner Missioune siche wéi déi, déi et bis ewell erfëllt huet.

Fir ze kucken, op dës Thes tatsächlech fonktionéiert, hëlt een am beschten e Beispill, dat de Wolfgang Riepl nët konnt kennen, wéi hie séng Dissertatioun redigéiert huet. Ier d'Televisioun koum, huet de Radio muenches fir d'Ënnerhalung vun dem Publikum gemaach. Musikalesch Live-Emissiounen an Hörspiller sin zwee Beispiller duerfir. Eng Show kann ee sech, wéi den Numm et scho seet, haut kaum ouni Biller virstellen. Hörspiller gi wuel nach ëmmer produzéiert, awer ganz gewëss nët méi owes gesend, wann op der Televisioun e Krimi leeft. Am Beräich vun der Informatioun as de Radio weider staark, well en ëmmer nach dat séierste Medium as, mee e ganze Futtballmatch lauschtert kaum méi e Sportbegeeschterten. An de Radio as doudsecher och méi efficace, wann et drëms geet, d'Leit an de Programm anzebannen, iwwert Spiller oder och méi intelligent Aktiounen.

Jo, mee wou sin dann d'Placke mat der Käilschrëft bliwwen, kann ee froen? Gewëss, déi gin nët méi, mee dem Riepl säi Gesetz as jo och nët systematesch formuléiert gin. Dat huet 1981 de Winfried B. Lerg, e renomméierte Kommunikatiounsfuerscher nogeholl. A séngen Aen gëlt d'Gesetz vum Riepl nët, wann een d'Medien als *Produktiouns*mëttel kuckt; et kann ee si an dësem Kontext nëmmen als *Kommunikatiouns*mëttel gesin. E Buch as ëmmer nach e Buch, och wann et nët méi de Pater as, deen et op der Hand ofschreift; an och dem Johannes Gutenberg séng Drocktechnik as nët méi déi vun haut, mee eng Bibel as nach ëmmer eng Bibel. Dat nemmlecht gëlt fir audiovisuell Produitën: Fréier huet e Film aus Zelluloid bestan, dunn as en op engem Magnéitband opgezeechent gin, an haut gët villes schon digital enregistréiert.

Spannend gët et, wann ee muss décidéieren, op eng Internetzeitung soss näischt as wéi eng Zeitung an elektroneschem Format oder en neit Medium. Perséinlech sin ech mir nët ganz secher, wat fir eng Positioun sech wäert duerchsetzen. Duerfir as den Internet nach vläicht ze nei an an deem Sënn nach nët établéiert genuch. Bei anere Medien hun ech déi Onsecherheet nët méi: D'Televisioun as nët dee bessere Kino; d'Televisioun as einfach en anert Kommunikatiouns*mëttel*, mat enger anerer Kommunikatiouns*leeschtung*.

Wann en neit Medium sech duerchsetzt bei de Leit, da verschwënnt dat alt nët onbedéngt technesch gesin, awer praktesch geschwat. Och dës Observatioun widderleet d'Gesetz vum Riepl nët. D'Leit hun e bestëmmten Zäitbudget. Wa si hier Zäit engem neie Medium schenken an domadder engem méi alen ewechhuelen, da kann ee Kommunikatiounsmëttel dat anert verdrängen. Mee dat as eng Fro, déi d'Behuele vum Publikum ugeet an nët d'Medië selwer. Emgedréit kann et duerchaus passéieren, datt e Medium, dat de Ruff huet, en aalt ze sin, séng Rennaissance feiert. Zanter et den Internet an den E-Mail gët, schreiwen d'Leit sech nees méi an telephonéiere manner mateneen. Nëmme jhust: Wéi sot d'lescht den US-Journalist Andy Rooney an der CNN-Emissioun *Larry King live*: "Ech sin entsat, wéi gudd déi jonk Leit mat dem Computer emgin, wann ee bedenkt, wéi schlecht dat as, wat si dorober schreiwen." Iwwert den Inhalt vun alen an neie Medië seet och dem Wolfgang Riepl säi Gesetz näischt.

*(Fräie Micro um 100,7 vum 27. November 2002)*

**Andy Rooney: "Ech sin entsat, wéi gudd déi jonk Leit mat dem Computer emgin, wann ee bedenkt, wéi schlecht dat as, wat si dorober schreiwen."**

PS: Nach eppes huet sech geännert, zanter de Wolfgang Riepl säi Gesetz fir d'éischt formuléiert huet. Bis viru kuerzem konnt een ëmmer soen, d'Zeitung géif op kee Fall verschwannen, soulaang et nët méigech wäer, d'Grompereschuelen oder de Fësch an eng Televisioun anzewéckelen. Nëmme jhust: Wie schielt haut nach séng Grompere selwer? A Fësch am Zeitungspobeier gëlt als onhygieneg.